MONUMENT de RECUEILLEMENT

Nico Thurm

ASSOCIATION NATIONALE DES VICTIMES DE LA ROUTE

inauguré le 19 novembre 2016
au Lieu des Victimes de la Route, Weimericht /Junglinster

Eng Strooss, eng Kéier, ze séier...
Eng Sekonn net opgepasst am Verkéier
Ee Wee, ze laang, ze schnell...
Eng Eiwegkeet zwëscht Liewen an Hell

Fir d'éischt ass et stackdäischter
Alles wat een héiert si Geräischer
Leit déi schwätzen, ech versti se net
Et ass alles däischter, ech gesi se net

Ech weess net wou ech sinn, `t hëlleft mir een
Ech wéilt am léifste jäizen, wéisou äntwert mir keen
Et fänkt u kal ze ginn, ech héiere Sirenen
Sinn ech nach bei Bewosstsinn oder sinn ech um Dreemen?

Ech sinn alleng, ech fäerten, wou sinn ech dann elo
Ronderëm alles roueg, wéisou ass keen do
Eng Péng, eng Roserei, ech hunn Angscht ze stierwen
Et gëtt mir réischt bewosst, wéi gären ech dach liewen.

Bewosst an onbewosst, no laangem hier an hin
Meng Ae si lo op, ech kann erëm gesinn.

Et geet lues biergop, e puer Méint si vergaang,
Ech ginn et net op, mee de Wee ass nach laang.
Déi Péng, déi Roserei, déi Angscht virum Stierwen
Ech hunn et iwwerstan, elo kann ech liewen!

Carine NICKELS
Verkéiersiwerliewend